Pressekonferenz 18.04.2023

# FUNDAMENTALS TEAM LËTZEBUERG

## Eng Beweegungsgeschicht fir Kanner

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

ENEPS
Ecole Nationale de l'Education Physique et des Sports

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

# M. Georges Engel

Sportsminister

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

# M. Claude Meisch

Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse


FUNDAMENTALS
TEAM LËTZEBUERG


LISA




TUT


CRASSA


BLUT


WUT




Kloteren a Stäipen




Sprangen




Rëtschen a Fueren




Geheien a Fänken




Taaschten, Lauschteren a Kucken




Lafen




Rullen an Dréinen




Rhythmiséieren an Danzen




Schaukelen a Schwéngen




Schwammen an Dauchen




Réngen a Rolzen




Balancéieren

# Zilgrupp: Non formal Bildungsstrukturen

ENEPS
Ecole Nationale de l'Education Physique et des Sports

Service national de la jeunesse







Textbuch ↔ Aktivitéiten ↔ Billerbuch

## 1. Op der Tribün

De leschte Summer ass eppes Sensationelles passéiert. Dat kann ee bal net gleewen. Lassgaangen, ass et mat engem Ausflug, deen d'Lisa mat senger Schoulklass op déi gréisst Sportplaz vu Lëtzebuerg gemaach huet, wou all Joer déi bescht Sportler aus dem ganze Land géinteneen untrieden. D'Lisa hat dat schonn oft op der Televisioun gesinn an huet sech bennzeg gefreet, elo live dobäi ze sinn.

Hatt souz mat der ganzer Klass op enger Tribün an ënnen an den Halen, op de Wisen an am Waasser huet et gewibbelt. Et wousst ee guer net, wuer ee fir d'éischt sollt hikucken.

„Krass, wéi dee klëmmt!", huet den Ern geruff a mam Fanger queesch duerch d'Loft gewisen. „Deen ass scho bal ënner dem Plaffong. **Wéi héich ass déi Hal do? Honnert Meter** 1

„Weess de, datt d'**Bouschéisser** dohannen ...", huet d'Eliane e Saz ugefaangen, mee de Charel huet dertëschentgeruff: „D'Bouschéisser, déi hunn de Schësser." 2

„Sief net esou domm", huet d'Eliane geäntwert, „déi kënnen der mat verbonnenen Aen en Apel vum Kapp schéissen."

„Boa!"

Dunn huet de Charel awer schnell opgehale mat laachen.

Hei ass e **Judoka** duerch d'Loft geflunn, do ee gesprongen, wéi wann e Fiederen ënner den Turnschong hätt. A wéi d'**Sprinter** laanschtgejauft sinn, sot de Charel: „Esou schnell wéi déi wëll ech awer net lafe kënnen, soss kréien ech all Mueren de Bus a verpassen ni méi déi éischt Schoulstonn." 3

D'Eliane huet de Kapp gerëselt.

An der Schwämm huet d'Lisa eng Rei Delfine gesinn, déi niewenteneen duerch d'Welle geglëtscht sinn. A, nee, dat ware **Schwëmmer**, Athletinnen an Athleten, mat immense Muskelen a schnell wéi Fësch. 4

„Salto! Salto!", huet d'Eliane gepëspert. A schonn ass eng Fra vun engem Tuerm gesprongen, deen esou héich war wéi d'Dännebeem nieft der Spillplaz bei der Schoul. Ënnen huet et geplatscht, datt ee gemengt huet, de Baseng géif iwwerlafen a wier op eemol eidel.

Kuerz duerno si **Vëlosfuerer** laanschtgeditzt, sou schnell, wéi wann et Autoe wieren. Tssss. Tssss. Tssss. Et ass dem Lisa dronke ginn. A wéi dunn e Mann sech eng Kanounekugel un den Hals gedréckt, sech gedréit an dat ronnt Eise bal bis op déi aner Säit vu Lëtzebuerg geworf huet, duecht d'Lisa: „Wat déi do maachen, dat wëll ech och kënnen." 5

Hatt war net grad dat Bescht vun der Klass am Sport, mee wat net ass, dat ka jo nach kommen.

„Ech misst erausfannen", duecht d'Lisa, „wéi déi Sportler dat maachen, fir esou gutt ze ginn. Wann ech hanner hiert Geheimnis kommen, da ka näischt mech méi ophalen."

Hatt huet sech d'Athleten ugekuckt. An op eemol ass him opgefall, datt se alleguerten eng Saach gemeinsam haten, egal, ob se gelaf, gesprongen, geschwommen oder mam Vëlo gefuer sinn: de roude Léiw!

Alleguerten hate se e roude Léiw op hiren Tuniquen an Trikoten. An am selwechten Ament wousst d'Lisa och, datt et esou e roude Léiw schonn eng Kéier gesinn hat. Mee wou? Hat de Sportler hiert Geheimnis eppes mat deem roude Léiw ze dinn?

Fir Familljen a kleng Gruppen

Fir grouss Gruppen

**Wat ass e Judoka?**

> *Wann ee vu Judoka schwätzt, da sinn domat d'Judokämpfer gemengt. Judo ass eng asiatesch Kampfsportaart, bei där et dorëm geet, säi Géigner op de Réck ze geheien an um Buedem festzehalen.*

**Wat ass den Ënnerscheed tëschent Judo a Karate?**

> *Beim Judo geet et an enger éischter Linn dorëm, sech ze verdeedegen. Et schwätzt een dowéinst och nach vun enger defensiver Kampfsportaart. Beim Karate ginn och Ugräffstechnike geüübt, dowéinst schwätzt een hei och nach vun enger offensiver Kampfsportaart. Beim Karate gëtt virun allem mat den Hänn, den Ielebéi an de Féiss geschloen, wärend beim Judo de Géigner éischter festgehalen an op de Buedem geheit gëtt.*

1 Wou ass eng Klammwand mat Klëmmer ze gesinn?

2 Wou befanne sech d'Bouschéisser?

3 Wou befanne sech Sprinter?

4 Wou si Schwëmmer ze gesinn?


5 Wou si Vëlosfuerer ze gesinn?






Fir kleng Gruppen

Fir grouss Gruppen



ENEPS
Ecole Nationale de l'Education
Physique et des Sports

LËTZEBUERG
LIEFT SPORT

# Pilotphas Maison Relais "Un der Atert"

## Gemeng Biissen, Elisabeth (anne asbl)








Fir kleng Gruppen

Fir grouss Gruppen

| Dobaussen | Op klengem Raum | Sportshal | Piscine |
|---|---|---|---|
|  |  |  |  |


| | | |
|---|---|---|
| Natur- & Alldagsmaterialien | Klengt Sportsmaterial | Grousst Sportsmaterial |


# Diffusioun

- 3 Biller- an Textbicher gratis
  - https://publications.snj.lu/

- Weider Exemplairen: 25 Euro
  - https://eneps.public.lu

- Foco “Fundamentals Team Lëtzebuerg”



# Zilgrupp: Elteren



# FUNDAMENTALS

TEAM LËTZEBUERG




← Team Lëtzebuerg - FUNdamentals




**FUNdamentals**

Team Lëtzebuerg

| | | |
|---|---|---|
| **01** | Op der Tribün | 03:18 |
| **02** | E roude Léiw | 02:22 |
| **03** | Dem Bopa seng Tru | 03:48 |
| **04** | Am Däischteren | 02:17 |
| **05** | De Lëtz | 02:44 |
| **06** | Zwielef Steng an eng éischt Prüfung | 04:47 |
| **07** | Respekt | 02:23 |

# Diffusioun

- Bichergeschäfter
- Informatiounen
  - https://eneps.public.lu



Pressekonferenz 18.04.2023

# FUNDAMENTALS TEAM LËTZEBUERG

## Eng Beweegungsgeschicht fir Kanner

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

ENEPS
Ecole Nationale de l'Education Physique et des Sports

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse